



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
Président vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/10/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

Nieft den akademeschen Aus- a Fortbildung sinn och déi praktesch Ausbildungen am Handwierk e wichtege Piliere vun eisem Ausbildungswiesen. Duerch eng gutt Formatioun kréie jonk Mënschen d'Méiglechkeet, hier Fäegkeeten ze entfalten a ginn op d'Aarbechtswelt preparéiert. Fir Betriber, déi sech fir d'Ausbildung vu Jonken engagéieren, ze kennzeechen, huet d'Chambre des Métiers de Label "Entreprise Formatrice" an d'Liewe geruff. Dës Entreprises an eng der Demande entsprechend Unzuel un Ausbildungsplazen si fir d'Handwierksausbildung onëmgänglech, well een Handwierk traditionell duerch eng praktesch Ausbildung erléiert muss ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Ausbildungsplazen (opgeschlësselt no Aart an Titel vum Diplom) hu staatlech Verwaltungen tëscht 2009 an 2019 pro Joer offréiert?

Wéi vill dovunner konnte besat ginn?

Béi wéi enge Beruffer koom et zu Situatiounen, an deene méi Kandidaten wéi Plazen disponibel waren (opgeschlësselt no Joer an der Aart an dem Titel vum Diplom)?

Wéi vill Handwierker huet de Staat an der selwechter Period (2009-2019) pro Joer agestallt (onafhängeg vun hirer Carrière an der Aart vum Kontrakt)?

2. Wéi vill Prozent vun de Persounen, déi hir Ausbildung beim Staat ofgeschloss hunn, goufen duerno och beim Staat agestallt?

Wéi vill Prozent vun de Persounen, déi eng Ausbildung absolvéiert hunn a beim Staat tëscht 2009 an 2019 agestallt goufen, goufe vu private Patronen ausgebild (onafhängeg vun der Karriär an der Aart vum Kontrakt)?

3. Plangt d'Regierung an Zukunft Ausbildungsbetriber ze entschiedegen, wann e Salarié vun engem ëffentlechen Employeur an den éischte 5 Joer no der Ausbildung débauchéiert gëtt?
Falls jo: Bis wéini an ënnert wéi enger Form ass mat Kompensatiionsmesuren ze rechnen?



www.piraten.lu



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

4. Huet d'Regierung fir, eng staatlech Karriär um CCP-Niveau anzeféieren, fir Persoune mat entsprechenden Ausbildunge konkret Astellungsméiglechkeeten ze offréieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député



www.piraten.lu